

Konventioun ratifizéieren, fir eis Solidaritéit um Niveau vun der Europäescher Unioun, mä doriwwer eraus tëschent all deene Länner, déi un dëse Projete mat-schaffen, ze ënnersträichen. Si ass hei an der Chamber déposéiert, an esoubal mer den Avis vum Conseil d'Etat hunn, hoffen ech, dass mer och déi Konventioun kënnen stëmmen.

Och wa mer déi Konventioun gestëmmt hunn, hu mer nach keen Afloss op d'Wieder. Mir ginn awer vläicht besser informéiert dank den Aarbechten, déi an deene Gremië stattfannen, iwwert d'Evolutioun vum Wieder, kuerz- a mëttelfristeg, ouni awer, wéi gesot, Afloss drop ze hunn.

Merci, fir dee breeden Accord.

**M. le Président.**- Den Här Greisen freet parole après ministre.

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Merci, Här President a merci och fir déi Rectificatiounen, déi ech do kritt hunn. Et ass allerdéngs esou, dass de Fall fir mech nach net kloer ass. Am Text vun der Regierung steet: "La part de notre pays présente environ 0,2% du budget du Centre". Tëscht 0,2 an 0,12% ass awer en Ënnerschied, dee vläicht net esou geringfügig ass.

**M. le Président.**- Den Här Minister Grethen huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.**- Här President, och do huet den Här Greisen Recht. Dee Moment, virun esou vill Joer, wéi déi Konventioun ausgehandelt ginn ass, wier de Beitrag dat gewiescht. Well eise Produit national brut awer wesentlech méi schnell gewuess ass wéi dee vun anere Memberlänner, a well och vläicht dat eent oder dat anert Land, wéi Lëtzebuerg, sech während Joren net dru bedeelegt huet oder sech elo nach net bedeelegt, gëtt herno de Beitrag selbstverständlech e bësse méi héich a kann an déi Richtung goe vun deem, ouni dass ech mech mat leschter Präzisioun ka festleeën, wat elo gesot ginn ass.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4559 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de virleiende Gesetzprojet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady*

*Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké (par M. Jean Asselborn), Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4808 vum Här Marc Zanussi iwwert d'Wiele per Internet.

Et si schonn ageschriwwen déi Häre Graas, Greisen, d'Mme Wagener an déi Häre Bisdorff, Weiler a Rippinger.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Marc Zanussi.

## 5. Proposition de loi 4808 sur le vote par Internet

### Présentation

**M. Marc Zanussi (LSAP), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen an enger Zäit, wou déi nei Kommunikatiounstechnologë keng Seltenheet méi sinn, mä wou se zum Alldag gehéieren a mir sinn och domat konfrontéiert, dass se an engem permanente Wandel sinn, a mir stelle fest, wann een d'Entwécklung suivéiert, dass se och praktesch vun Dag zu Dag méi performant ginn.

Wann ee gesäit, a wat fir engen Domäner dass déi doten elektronesch Medien agesat ginn, esou fënnt ee se haaptsächlech am ekonomeschen, am sozialen an am kulturelle Beräich.

Wéi ech meng Proposition de loi ausgeschafft hunn, war ech awer och der Meenung, dass ee vun deenen doten Technologien och sollt profitéieren a si asetze beim Ausübe vun de biergerleche Rechter. Déi Proposition de loi, déi ech ausgeschafft hunn, huet am Fong zum Zweck, eng zousätzlech Méiglechkeet ze schafen, fir sech un de Wahlen ze bedeelegen, an ech hat mer geduecht, dass den Zäitpunkt vun der Proposition de loi am Fong gutt wier, well mer amgaang sinn, iwwer eng Reform vum Wahlgesetz ze schwätzen, an dass een déi Diskussioun do kënnt matabannen.

Ech wëll nach eng Kéier preziséieren, dass et bei der Proposition de loi drëm geet, en Zousaz ze schafen, dass et net drëm geet, duerch de Vote par Internet alleguer déi sech bewäerte Formele vu Wahlen ofzeschaffen. Et geet einfach drëm, vun deenen doten Technologien ze profitéieren, fir eng zousätzlech Méiglechkeet ze schafen, fir kënnen ze wielen.

Ech sinn dann och e bëssen iwwerrascht iwwert d'Positioun vun der Regierung, déi offensichtlech den Androck huet, dass ech wëllt déi aner Wahlmethoden ofschafen. Loin de là, ech wëll dat hei nach eng Kéier preziséieren. Bei der Proposition de loi geet et just drëm, eng zousätzlech Méiglechkeet ze schafen, fir kënnen ze wielen, an ech wollt och näischt an der Proposition de loi un der Wahlpflicht änneren. Och dat war keen Thema. Dofir bedauern ech e bëssen, dass d'Positioun vun der Regierung esou negativ ausgefall ass. Et hätt ee sech kënnen e bësse méi innovative Geescht erwaarden, wéi dat an dësem Moment de Fall ass.

Et geet och net drëm, wéi dat an der Regierungsposition gesot gëtt, dass een hei wëllt experimentéieren an d'Wahle wëllt banaliséieren. Et muss ee sech nun emol domadder offannen, dass déi digital Demokratie en Thema ass, mat deem ee sech muss ofginn, wann ee sech als Land eescht hält an de Bedürfnisser vun de Leit a besonnesch an dësem Fall, vun de jonke Leit, och wëllt nokommen a sech dann och mat deem Thema muss beschäftegen.

Fir d'Virbereedung vun dëser Proposition de loi hunn ech mech selbstverständlech och am Ausland ëmgekuckt an Dokumentatiounen doriwier gelies. A wann een dat Thema suivéiert, stellt ee fest, dass praktesch all Dag an der Press op iergendenger Plaz en Artikel iwwer e Pilotprojet erschénkt, dee gemaach gëtt a vill Länner, an d'Regierung sinn amgaang, un deem Thema ze schafen. Ech wëllt iech e puer Beispiller skizzéieren.

D'Belsch hu schonn 1994 de Vote automatisé agefouert. Dat hat zur Konsequenz, dass 1995 schonn 20% iwwert de Vote automatisé un de Wahle participéiert hunn an

dass et 1999 43% waren. Dat ass wuelverstanen de Vote automatisé an ass deemools nach kee Vote par Internet gewiescht, mä d'Belsch sinn awer och amgaang, un engem Gesetz ze schaffen, fir de Vote par Internet anzeféieren.

An Däitschland gëtt et ebenfalls eng Rei vu Pilotprojeten. Am Mee 2000 sinn zum Beispill d'Regionalparlamenten vu Köln, Düsseldorf, Krefeld, Eschweiler iwwer Internet gewielt ginn, testweis wuelverstanen, mä et ass dorunner geduecht ginn. Den däitschen Inneminister Otto Schily huet a rezente Pressekonferenze gesot, dass se amgaang wieren drun ze schaffen, fir ab dem Joer 2006 eng legal Basis ze hunn, fir de Vote par Internet kënnen anzeféieren.

Et gëtt och e rezenten Artikel iwwert d'Stad Bremen, deen ech iech wëllt zitéieren, wou d'Stad Bremen iwwer en EU-Projet – well d'Europäesch Unioun beschäftegt sech selbstverständlech och mat deenen dote Froen –, dee Cyber-Vote heescht, wou de Gemenge Finanzen zur Verfügung gestallt ginn, fir esou Projeten ze maachen, probéiert, iwwert de Wee vun der digitaler Demokratie e Fortschritt ze maachen, a rechent domat, wann ech hei de Senator Böse dierf zitéieren, dass ab 2007 och per Internet ka gewielt ginn.

Brasilien ass ee Land, wat schonn 1996 d'Wahl vum President iwwer Internet erlaabt huet mat der Konsequenz, dass déi Voten ...

### **(Interruption)**

Brasilien ass, wéi den Här Rippinger seet, e Land, wat an der PISA-Etüd an der gläicher Kategorie vegetéiert wéi Lëtzebuerg, mä hei si se eis ëm eng Längt viraus, well alleguer déi Stëmme, déi normalerweis an deem Land 30 Deeg brauchen, fir ausgezitt ze ginn, si bei deene Leit, déi iwwer Internet gewielt hunn, innerhalb vu sechs Stonnen ausgezitt gewiescht, an dat ware 57% vun de Stëmme.

Frankräich huet ebenfalls bei de Wahle fir d'Europaparlament 1999 eng Rei vun Tester, wat de Vote électronique ubelaangt, duerchgefouert. D'Uertschaft Brest huet am Joer 2001 och e Referendum iwwer Internet zougelooss, bei deem sech 55% um elektronesch Vote bedeelegt hunn. Den Deputéierten Alain Férri huet am Abrëll 2001, praktesch zäitgläich mat mir, an der Assemblée nationale eng Proposition de loi déposéiert, fir de Vote per Internet ze erlaben an deem eng gesetzlech Basis ze ginn.

D'Schwäiz huet eng Rei vu Sondagen driwwer gemaach, wéi wäit d'Leit ëmfänglech sinn, fir déi do Aart a Weis ze wielen. Och do gëtt et am Kanton Genf eng rezent Ëmfro, déi seet, dass 70% vun de Leit interesséiert sinn.

Et gëtt och eng Etüd vum franséischen Institut "Opinionway" aus dem Joer 2000, déi ganz klor seet, dass iwwer 70% vun de Leit un där Aart a Weis vu Wahl interesséiert wäeren.

Wann een d'Tendenz hei zu Lëtzebuerg kuckt an d'Ëm-froen agesäit, da stellt ee fest, dass och hei zu Lëtzebuerg et eng steigend Tendenz gëtt, wat d'Utilisatioun vum Internet ubelaangt a wat den Equipement vu Compu-teren am Haus selwer betrëfft. Ech mengen, dass d'Akzeptanz do net esou schlecht wier. Mir hunn als Lëtzeburger Land am Verglach zu aneren europäesche Länner dee Virdeel, dass mer e Gesetz iwwert de Commerce électronique gestëmmt hunn, an dass mer och d'Signature électronique duerch Gesetz validéiert hunn, zwee Elementer, déi beim Vote per Internet indispensable sinn. Mir also do schonn e Virsprong hunn, vun deem mer misste profitéieren, fir hei als Land ze weisen, dass mer am Beräich vun där do Technologie Virreider kënnent sinn.

Wat kënnent d'Virdeeler si vun engem elektroneschem Vote per Internet?

1. Tatsaach ass, dass ee méi einfach ka wien, dass ee vun egal wat fir enger Plaz a vun egal wat fir engem Computer aus ka wien, dass een deene Leit kann hëllefen, déi sech schwéier déplacéieren kënnen, virun allem Leit mat motorescher Schwierigkeeten.

Et misst een och iwwerleeën, dass mer e relativ héijen Taux vu Leit hunn, déi net un de Wahlen participéieren. Dat waren 1999 ëmmerhi 14%. Vläicht géinge mer et mat dësem Medium fäerdeg bréngen, den Taux vun Abstinenz lichter ze reduzéieren.

Et ass sécher, dass d'Resultater méi séier kéinten ausgezigt ginn an d'Feelerquot, déi duerch mënschlecht Versoe virkënn, kënnent sécher reduzéiert ginn.

Och kënnent mer mat esou engem Text eppes zur Promotioun vum Internet bäidroen. Dat géng eis als Land och net schlecht doen, well mer am Verglach zum europäeschen Duerchschnitt nach lichter ënnert der Moyenne leien.

Et gëtt natierlech ënnert Ëmstänn verschidde Problemer, déi nach geléist musse ginn, sief et déi vun der Sécherheet, sief et déi vun de Computere. Ech mengen, dass och bei der Bréifwahl d'Fro vun der Confidentialitéit sech d'selwecht stellt, wéi wann een doheem iwwer Computer wielt. Och do besteet d'Gefor vun der Beaflossung.

Da gëtt et eng Rei vun techneschen Aspekter, déi een nach muss diskutéieren, mä och do, hunn ech mir soe gelooss, dass d'Technik an deem Beräich esou évoluéiert ass, dass et duerchaus derwäert wär, driwwer nozedenken. Et muss een ëmmerhi wëssen, dass iwwer Internet och Geldtransferten a Milliardenhéicht gemaach ginn, déi sécherlech grad esou protegéiert musse si wéi eng Wahl, an dofir mengen ech, dass d'Iddi vun der Proposition de loi iwwert d'Aféiere vum Vote iwwer Internet duerchaus derwäert ass, fir sech eeschthaft dermat ze beschäftegen.

Wéi dat elo an der Praxis soll fonctionnéieren, hunn ech am Text beschriwwen. Ech hu mech an der Proposition

de loi un eng Prozedur ugelehnt, déi sech hei am Land bewäert huet, nämlech déi vun der Bréifwahl. Dat ass eng relativ opwendeg vun der Administratioun hier, mä et ass awer eng, déi sech bewäert huet, an et ass dofir, menger Meenung no, och eng virsiichteg Approche an e Wee, iwwert deen een eventuell esou e Vote kéint aféieren.

An der Praxis géng dat folgendermoosse fonctionnéieren: De Wieler mécht op der Gemeng d'Demande, fir kënnen iwwer Internet ze wien. E mécht dat entweder per e-mail mat der Signature électronique oder e mécht dat mat engem einfache Bréif. D'Gemeng prüft, ob de Wieler, respektiv d'Wielerin an de Wielerleschten agedroen ass. De Wieler kritt d'Confirmatioun, dass en an de Wielerleschten agedroen ass mat de Wahlleschten a mat den Instruktiounen, déi e brauch, fir kënnen ze wien.

D'Wahlleschte vun deene Leit, déi iwwer Internet wien, ginn d'selwecht behandelt wéi déi vun deene Leit, déi duerch Bréifwahl wien. Also déiselwecht Prozedur, wéi se am Gesetz vun der Bréifwahl virgesinn ass.

Den Dag vun de Wahlen connectéieren d'Leit sech op hirem Ordinateur. Si identifzéieren sech mat der Signature électronique. Si kréien doduerch en Accès op d'Wahlleschten. Si maachen hire Choix, a well de Vote selbstverständlech muss confidential bleiwen, gëtt den Numm vun der Persoun cryptéiert an no der Wahl gëtt den Numm an eng elektronesch Urn an d'Resultat an eng aner elektronesch Urn geschéckt, esou dass d'Confidentialité garantéiert ass. Nodeem säi Wahleresultat ukomm ass, kritt de Wieler dann och elektronesch eng Confirmatioun, dass e sech un de Wahlen bedeelegt huet. Dono gëtt et iwwer Computer ausgewäert. Et hätt, wéi ech virdu gesot hunn, dee Virdeel, dass et méi séier géng goen, a virun allem dass och déi Feelerquellen, déi mer virdu kannt hunn, net méi do wieren.

Ech mengen, dass d'Proposition de loi, fir iwwer Internet ze wien, eng Proposition de loi ass, déi dem modernen Zäitgeescht entsprécht. Ech bedauern, dass d'Regierung esou negativ dorop reagiert huet, besonnesch well ech virdu gewisen hunn, wat fir eng Projets de loi pilotes et gëtt, gewisen hunn, dass d'Europäescht Parlament Kreditter zur Verfügung stellt, fir esou Pilotprojeten ze ënnerstëtzen, mä ech ginn den Androck awer net lass, wéi wann dat hei d'Spiegelbild vun där konservativer Haltung vun der Regierung insgesamt ass.

Dat spigelt sech och erëm, an der Etüd iwwert d'Kompetenze vu Lëtzebuerg, déi vun der Europäescher Kommissioun a 15 EU-Länner plus Island an Norwegen gemaach ginn ass, wou mer d'Schlusslicht sinn, do grad esou wéi an der PISA-Etüd. Mir ware siwemol op där leschter Plaz, véiermol op där zweetleschter Plaz an dräimol op där drëttleschter Plaz. Ech fäerten, dass mat där negativer Astellung vun der Regierung an deem heiten Domän, mir et ni wäerte fäerdeg bréngen, déi do Retarden opzehuelen, wat äusserst bedauerlech ass.

**M. Jos Scheuer (LSAP).** - Très bien.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

### Discussion

**M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aleedend kann ee festhalen, dass déi Proposition de loi vum Här Zanussi vum Objet hier gekuckt, net oninteressant ass. D'Wahlprozedur ass natierlech besonnesch fir eis als Politiker e passionant Thema. D'Wahle si jo d'Grondement vun enger Demokratie, an dofir muss och de Wahlmodus allen elementare fräiheetlechen Uspréch gerecht ginn.

Den Innenminister huet kierzlech seng Iddien a säi Projet de loi developpéiert, wat eng Gesamtreform vum Wahlgesetz ubelaangt. Mir wäerten also an deenen nächste Wochen a Méint nach Geleeënheet kréien, fir déi ganz Thematik Wahlen hei duerchediskutéieren. Dës Proposition de loi ass u sech en Detailelement vun dem Wahlmodus, deen ouni Zweifel, an do huet den Auteur vun der Proposition de loi Recht, der Entwécklung vun där Technologie Rechnung dréit.

Wa mer kucken, wéi sech d'Informatik an deene leschte Joren entwéckelt huet, dann ass dat op eng rasant Aart a Weis vir sech gaangen an huet eng immens Evolutioun matgemaach. Si ass och haut zu engem feste Bestanddeel vun dem dagdeegleche Liewe ginn. Mir alleguer si concernéiert. Vill Administratiounen, all d'Betribler kéinten haut net méi bestoen, wann net d'Mataarbecht vun dem PC an anere moderne Kommunikatiounsmëttel do wär.

D'Informatik huet ouni Zweifel eng ganz Rei vu Virdeeler an eist gesellschaftlecht Liewen erabruucht, mä et muss een awer och objektiv sinn an drop hiweisen, dass d'Informatik awer elo net soll iwwerbewäert ginn an dass eng Rei vun neie Gefore sech breet maachen.

Wat opfällt, dat ass, dass trotz där enormer Evolutioun et awer nach ëmmer vill Leit an eiser Gesellschaft gëtt, déi vun där Evolutioun ausgeschloss sinn. A wann ech mech emol référéieren op dee Sondage, deen d'ILReS gemaach huet, dann hunn 49% vun de Ménagen zu Lëtzebuerg nach kee PC, an nëmme 36% vun de Leit kënnen als sou genannt Internauten duergestallt ginn. Dat beweist, dass et nach e relativ héije Prozentsaz vu Matbirger gëtt, déi nach net mat där Technik familiariséiert sinn.

### (Interruptions diverses)

**M. le Président.** - Loosst dach de Riedner schwätzen.

**M. Gusty Graas (DP).** - Dat ass nun awer e Fakt, deen een net ignoréiere kann.

Ech wëll och hei betounen, dass d'Demokratesch Partei an hirem Positiounspabeier iwwert d'Reform vum Wahlgesetz, dee mer d'viregt Joer presentéiert hunn, u sech sech prinzipiell net géint d'Aféierung vun dem Vote

électronique oder dem Vote par internet ausgeschwat huet. Mir kënnen eis och virstellen, dass engesdaags de Vote bei de Gemengen-, de Chamber- oder bei den Europawahlen iwwert de Wee vum Internet ka geschéien, allerdings da mussen och d'Rahmebestëmmunge stëmmen. Mir hunn awer e bëssen d'Gefill, wéi wann dat zu dësem Zäitpunkt nach net kënnt esou festgehalen ginn. De Moment schéngt eis ze fréi ze sinn, fir de Vote électronique anzeféieren, an dat aus enger Rei vun Ursaachen. Ech wëll op dräi Punkten agoen:

– Deen éischte Punkt ass d'Statistik, déi een awer net kann ignoréieren. Dir sot, et muss jo net iwwert dee Wee geschéien, dat ass richtig, mä mir mengen awer, dass Wahle sollen eenheetlech sinn, de Wahlmodus soll fir jiddereen deeselwechte Charakter hunn.

– Am administrative Beräich hu mer nach e gewëssenen Nohuelbedarf. Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, dass et bis zu dësem Zäitpunkt jo net méiglech ass, eng Steiererklärung iwwer Internet ze maachen. Loosse mer also emol Erfahrungen och an deem Beräich fir d'éischt sammeln, ier mer dee wichtege Schrëtt hei maachen. Mir dierfe jo awer net vergiessen: Wahle si keng Spillerei.

– Dir hutt eng Rei vu Pilotprojeten aus dem Ausland hei zitéiert. Effektiv gëtt et schonn eng Heedewull, kann ee bal soen, vu Pilotprojeten, déi an deene leschte Jore queesch duerch d'Ausland lancéiert gi sinn. Ech wëll awer och drop hiweisen, Här Zanussi, dass et awer och do kritesch Stëmme ginn, zemools an der Belsch, wou de Vote électronique schonn ugefecht ginn ass, Och soll emol hei gesot ginn, dass jiddefalls nach Bedenken do bestinn.

Am Exposé des motifs, deen Dir uféiert, gëtt ënner anerem drop higewisen, dass de Vote électronique oder de Vote par internet géing derzou bäidroen, fir d'Abstentoun vläicht ze verréngeren. Och dat Argument muss ee relativéieren, well d'Abstentoun ass un éischter Linn den Ausdrock vum Desinteressi un der Politik, net dass ee vläicht net d'Moyenen hätt, fir un engem Vote deelzehuelen, mä éischter, dass een einfach net de Wëlle matbréngt, fir un dem Vote ze participéieren. Ech gleewe kaum, wa mer elo de Vote iwwer Internet aféieren, dass dat géing zu enger grousser Reduktioun vun der Abstentoun bäidroen.

Da bleift natierlech de Facteur Garantie. Dir sidd dorop agaangen. Et muss jiddefalls vu virera klor gestallt ginn, dass keng Abüe kënne mat dem Vote électronique geschéien. Dat ass eng Haaptvoraussetzung.

Aneschters wéi beim Ausfëlle vu mengem Wahlziedel, deen ech a meng Urn geheien, wou ech genee weess, dass do keng Abüe méi kënne mat deem Ziedel geschéien, wou och net kann identifizéiert ginn, wien den Auteur vun der Stëmmofgab ass, weess ech awer net, wann ech mäi Vote a mengem PC validéieren, wat d'Endresultat ass. Do sinn theoretesch trotzdeem gewëssen



Abüe méiglech. Ech wëll dat elo hei net ënnerstellen, mä wéi gesot, wat eng primär Viraussetzung ass, dass eng optimal technesch Garantie ginn ass, dass do keng Problemer kënnen optrieden. Datselwecht gëllt fir d'Ausziele vun de Stëmmen.

Da muss ee sech nach eng Fro stellen, ob de Gank an d'Wahlbüroen net eng gewëssen Traditioun ass, net e gewëssent Ritual ass, wat einfach zu de Wahle gehéiert. Et ass eng Fro, déi awer soll opgeworf ginn. D'Leit fille sech vläicht méi no zu där ganzer Wahl, wa se müssen aus dem Haus goen, fir an d'Büroen ze goen, do Leit begéinen a mat hinne schwätzen. Déi ganz Atmosphär soll een net ënnerschätzen.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Et ass wichteg, fir Leit ze begéinen.

**M. Gusty Graas (DP).**- Et ass besser, wéi wa mer alleguer doheem sëtze bleiwen a just op eise Knäppchen drécken a vun do aus de Vote ofginn.

Dat ass en Argument, wat een zumindest net soll ignoréieren a wat een an der ganzer Diskussioun soll mat berücksichtegen.

Ech wëll ofschléissend am Numm vun der Demokratescher Partei soen, dass mir selbstverständlech op si fir deen Débat, dass mir eis deem net verschléissen, mä dass mer zu dësem Zäitpunkt nach net déi néideg Garantie gesinn, fir kënnen e positive Vote zu esou enger Proposition de loi ofzeginn. Loosse mer nach Erfahrungswärter sammeln, och am Ausland, och zu Lëtzebuerg, am Ëmgank mam Internet an da kann déi Diskussioun hei ouni Zweifel nach eng Kéier opgehall ginn.

Ech soen lech an deem Sënn merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Proposition soll et dem Wieler erméiglecht ginn, och iwwer Internet ze stëmmen, nieft deem bis elo normale Wee.

Et bräicht een dann net méi a senger Gemeng an e Wahlbüro ze goen...

### **(Interruptions)**

...an et kënnt een doheem vu sengem Computer aus seng Vertrieeder a Gemengeréit a Chamber wielen.

Ech wëll hei net op all Punkte vun dëser Proposition agoen, dat hu schonn deelweis meng Virriedner gemaach. Ech wëll awer direkt soen, dass den ADR mat dësem Virschlag net kann averstane sinn. Hei e puer Grënn derfir:

1. Wann déi sozialistesche Spezialiste mengen, duerch de sou genannten "e-vote" méi Leit un der Politik ze interesséieren, also méi Leit zum Wielen ze bréngen, da liewe se an enger mir onverständlecher Illusioun. Ronn

14% hu bei deene leschte Chamberwahlen net gewielt. Dat ass fir e Land, wat Wahlflicht huet, zwar en zimlech héije Prozentsaz. Mä dës Zuel relativéiert sech, wann ee weess, dass och déi Leit dobäi sinn, déi opgrond vun hirem Alter net méi wíele müssen. An déi, déi net wielen, well se keen Interessi un der Politik hunn, oder kee Vertrauen an d'Politiker hunn, déi wielen och net iwwer Internet. Hire Problem ass deen...

### **(Interruptions)**

Wat gelift?

Hire Problem ass deen, deen een op Däitsch Politikverdrossenheet nennt. D'Ursachen vun dëser Flemm oder vun deem schlechte Numm vun der Politik läit beim Verhale vun deene Politiker, déi an der Vergaangenheet a bis elo hei dirigéiert hunn. Hei gëlt et erëm, d'Vertrauen an d'Politiker erëmzeginn duerch eng éierlech Politik.

Dëse Projet dréit awer ganz sécher net dozou bäi, esou ee Vertrauen opzebauen, well d'Leit dobausse wëssen nach, dass et jo grad ënnert engem sozialistesche Ministère war, wou an deene leschte 15 Joer verpasst gouf, eist Land op déi nei elektronesch Hëllefsmëttel virzebereeden.

Ech erënneren un den Débat d'orientation 1996, wou ech eng Motioun erabruucht hat, déi vun de Sozialisten a vum sozialistesche Ministère ofgelehnt ginn ass. Do hunn ech verlaangt, datt eist Land sollt op déi nei Medien, déi nei Technologie virbereet ginn an dass sollte Suen agesat ginn, fir all Mënsch kënnen un d'Netz unzeschléissen.

Och beim Verglach, deen hei scho genannt ginn ass, an den Här Zanussi huet gesot, mir wíeren d'Schlusslicht an dem Equipement vun eise Verwaltungen, wat den Internet ubelaangt, kann ech dach nëmme soen, datt et grad d'Sozialiste waren, déi an deene leschte 15 Joer un där Regierung bedeelegt waren, also verpasst hunn, eis Verwaltungen dorobber virzebereeden.

### **(Interruption)**

De Ministère vun der Télécommunicatioun war sozialisteschesch, souwäit ech weess, an dat ass den Zukunftsministère par excellence gewiescht zu där Zäit.

Här President, en zweete Grond, firwat den ADR net mat dësem Virschlag averstanen ass, läit bei deem ongeléiste Problem vun der Sécherheet vun den elektronesche Kommunikatiounen. Et gëtt absolut keng Garantie, dass och keen erausfënnt, wéi deen Eenzelnen op sengem Computer gewielt huet. Et gëtt och keng Garantie, dass déi Entscheedung, déi de Wieler a säi Computer eragëtt, esou ganz ukënnt oder richteg ukënnt.

Den Auteur vun der Proposition geet do a sengem Text bal guer net op dës Problemer an. Hie mengt mat Standard-Internet-Protokoller kënnt een d'Sécherheet vun den Donnéeën garantéieren. Wann een awer gesäit,

datt zum Beispill an Däitschland zënter dräi Joer e Forschungsgrupp domat beschäftegt ass, de Problem vun der Sécherheet ze ënnersichen, an dass deen och nach haut keng 100%eg Sécherheet garantéiert, sou fannen ech, do mécht sech den Auteur dat e bëssen einfach.

Wéi gesäit et mat der elektronischer Ënnerschrëft aus? Mir hunn zwar dat Gesetz hei an der Chamber gestëmmt, awer mat der Ëmsetzung happert et uscheinend nach ganz gewaltig.

Wéi gesäit et mat der Sécherheet vum Computer aus, deen déi ganz Donéeë sammelt soll? Dat all si Froen, op déi et an der Proposition keng kloer a befriedigend Äntwert gëtt.

Esou laang awer keng héichprozenteg Sécherheet vun deesen Donéeë garantéiert ass, kann den ADR seng Zoustëmmung zu esou engem Projet hei net ginn.

Merci.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President.

Mir begrëssen als gréng Fraktioun déi Proposition de loi, déi de Marc Zanussi hei virgeluegt huet. Mir kënnen iwwrigens och dozou soen, dass mir schonn am Joer 2000, wéi mer eis 30 Schrëtt fir méi Matbestëmmung presentéiert hunn, och am Virfeld e bëssen vun där Diskussioun ronderëm d'Reform vum Wahlgesetz, dass mer d'Elektroniséierung vum Wahlmodus am Fong och schonn als ee Punkt virgesinn haten.

Den Här Zanussi huet elo schonn eng ganz Rei vu Virdeeler opgezielt, déi mat deem System verbonne sinn, wéi zum Beispill d'Thematik vun der Mobilitéit. Net nëmmen, dass et méi einfach ass fir jiddfereen, mä et ass och méi einfach fir eng ganz Rei vu Persounen, déi entweder am Ausland liewen oder behënnert sinn, fir kënnen un de Wahlen deelzehuelen.

Den Här Zanussi huet och drop higewisen, dass domat am Fong och eng gewëssen Demokratiséierung verbonnen ass oder esouguer eng Mobiliséierung, well d'Leit einfach méi e liichten Accès – wa se dann e Computer hunn – zum Wahlmodus kréien.

Doniewent ginn et awer nach eng Rei vu Virdeeler. Ech nennen zum Beispill dee vun der Sprooch. Ech wäert herno méi am Detail op de belsche Modell nach eng Kéier zrëckkommen, mä grad dee Modell huet gewisen, dass a Länner, wou verschidde Sproochen geschwat ginn, grad e System um Computer ganz sënnvoll ka sinn, wou een einfach emol vu vir eran déi Sprooch auswielt, déi een am beschte versteet an da fiert ee viru mam Wahlmodus, ouni dass een elo muss dräi oder véier oder fënnf Sproochversioune vun engem Wahlziedel drécken.

E weideren Aspekt, dee vläicht e bësse méi wäit féiert, mä deen ee sech awer duerchaus kéint virstellen, dat

wär, wa mer un d'Inscriptioun vun de Leit denken op de Wielerlëschten, dass ee mat deem hei System eventuell och kéint d'Inscriptioun vun den auslännesche Leit wesentlech vereinfachen.

Da kënnt e Punkt derbäi, dat ass dee vun der Reduzéierung vun de Käschten. Och do weist dee belsche Modell, dass et Virdeeler gëtt, an ech mengen, zu Lëtzebuerg hu mer och déi Situatioun, dass net nëmmen d'Leit, déi wëllen um Wahlsonndeg Hëllef fir auszezielen, méi rar ginn, mä dass op där anerer Säit och dee System vum Panachage ëmmer méi zouhëlt, an dass domadder och d'Auszielen u sech ëmmer méi voluminös a méi laangwierig gëtt, an och op deem Niveau hätt eng Elektroniséierung also Virdeeler.

Dann e weidere Punkt, dat ass dee vun der Feelerquot, déi reduzéiert gëtt. Mir hunn zu Lëtzebuerg scho Jorzéngten Diskussiounen doriwwer, wéi eng Faarf Bic dass een därer huele beim Wielen, respektiv wéini ee Kräiz nach gültig ass a wéini net méi, ob de Strich dierf iwwert de Rondel erausgoen, etc. Et ass mëttlerweil besser ginn, mä de Virdeel vum Computersystem wär deen, dass do am Fong kaum nach en Equivoque méiglech ass.

An ee weidere Punkt, dat ass éischer dann am Nachhinein vun de Wahlen, dat wär deen, dass d'Auswärtung vun de Statistiken och méi schnell a méi einfach gëtt.

Eng ganz Rei vu Virdeeler also. Den Här Zanussi huet drop higewisen, dass et och schonn eng Rei vu Länner gëtt, déi déi Virdeeler erkannt hunn an hei Experienze gemaach hunn, wann och éischer nach um Niveau vu Pilotprojeten. Hien huet zum Beispill d'USA genannt, en huet awer och d'Belsch genannt. Een Ënnerscheed, deen een do erkennt, ass deen, dass déi eng Länner direkt a Richtung vum Internet ginn, während déi aner Länner – oft déi, déi schonn éischer ugefaangen hunn – e System agefouert hunn, wou an de Wahlbüroen e Computer steet.

An dat ass och vläicht eng vun deene Froen, déi ech wëll opwäerten...

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

...par rapport zu deem System, deen den Här Zanussi a senger Proposition de loi virstellt, ob et sënnvoll ass, wann een op nei Weeër geet, sech dann nëmmen op den Internet ze beschränken.

Dofir wëllt ech dee belsche Modell awer kuerz och nach eng Kéier hei virstellen. Iwwrigens wor et och esou, dass mer vrun een, zwee Joer eng Kéier eng Dame hei zu Lëtzebuerg haten, déi extra vun der belscher Direction des élections et de la population du ministère de l'Intérieur op Lëtzebuerg komm ass, a si wor vun der Associatioun vun de Secrétaires communaux heihinner invitéiert ginn, fir dee Modell ze presentéieren, an do huet se zum Beispill och drop higewisen, dass et an der Belsch wierklech en enorme Succès wor, déi Aféierung vun deem System mat

de Computeren an de Wahlbüroen. Ech hu schonn d'Thematik vun de Fräiwëllege genannt, déi ausziele sollen, wou an der Belsch Problemer waren, fir Leit ze fannen. De Computer mécht, datt een do manner Leit brauch. D'Schnellegkeet, d'Prezisioun waren natierlech och Argumenter, an et huet een also festgestallt, dass bei deene Wahle vun 1999 schonn iwwert d'Halschent vun de Wahlbüroen – dat muss een sech emol iwwerleeën – informatiséiert waren.

Si huet eis gesot, dass grad och déi eeler Leit ganz vill Intérêt haben – an dat wëllt ech dann och deene Leit soen, déi elo grad hei gezweifelt hunn, ob do net géife grad esou Kategorië vu Leit ausgeschloss ginn –, dass grad och déi eeler Leit dee System ganz gutt fonnt hunn, sech ganz gutt domat erëmfonnt hunn an am Fong dat och als eng Erlichterung gesinn hunn.

De System huet sech och souwuel an urbane wéi a méi ländleche Kantonen bewäert.

Natierlech bedéngt dat och eng Virbereedung. An der Belsch sinn eng ganz Rei vu Sensibiliséierung gelaft um Niveau...

Här President, ech hunn d'Gefill, datt ech relativ haart hei muss jäizen.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**(Interruptions)**

**M. le Président.-** Ech mengen, et muss een engem Riedner oder enger Riednerin, déi sech d'Méi maachen, eppes ze explizéieren, nolauschten.

**(Interruption)**

**M. le Président.-** Also, jiddfereen ass gebieden nozelauschten.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).-** Merci, Här President.

**(Interruption)**

Et wär gutt, wa se dat dann e bësse méi lues géife maachen.

**(Interruption)**

Här President, wéi gesot, et sinn eng ganz Rei vu Preparatiounen néideg. An der Belsch ass dat och an de Schoule geschitt, an den Altersheimer si Séancë gehal ginn, fir de Leit dee System ze erklären. Dowéinst ass e wahrscheinlech esou gutt ukomm.

En anere Grond wor awer och, dass et eng finanziell Ënnerstëtzung ginn ass fir déi Gemengen oder Kantoner, déi sech do bedeelegt hunn, an...

**(Interruption)**

An, Här President, een net onwichtigen Detail: D'Gemenge konnten herno déi Computeren halen, déi se zur Verfügung gestallt kritt hunn, fir d'Wahlen. Wat sécherlech och en Incentive wor, fir do matzemaachen.

Wéi gesot also, dee System huet ganz gutt fonctionnéiert, mä dat wor awer ee System, wou d'Leit op d'Plaz gaange sinn. Ech froe mech, ob een net misst och éischter an d'Richtung goen, wou een am Fong déi zwou Saache méiglech mécht. Datt een engersäits an de Wahlbüroe géif Computeren opstellen an dass een anerersäits d'Wahlen iwwer Internet och géif méiglech maachen, sou datt een am Fong déi verschidde Kategorië vu Leit, souwuel déi, déi e Computer doheem hunn, wéi och déi, wou dat net de Fall ass, kéint fir den elektroniséierte Vote begeeschteren.

Natierlech, Här President, kann een net d'Leit zu esou Saachen zwéngen, an dofir verstinn ech och net richtig, datt d'Regierung dat aus där heiter Propositionen erausliest. Dat ass evident, datt hei net gemengt wor, datt jiddfereen dat misst esou maachen, mä dass am Fong sollten deen alen an deen neie System gläichzäiteg lafen.

Här President, et ginn natierlech och eng ganz Rei vu Bedenken. Verschiddener si jo och hei schonn ugeklungen. Zum Beispill huet den Här Graas virdu gemengt, dat wär jo och e sozialen Event, dee Wahlsonndeg, deen een op déi do Aart a Weis am Fong géif e bëssen courtcircuitéieren. Ech wëllt awer drop opmierksam maachen, datt mer och elo scho verschidden Dealer dovunner net méi esou hu wéi fréier. Net nëmme well mer awer ëmmer méi e groussen Deel vu Brëfwaale kréien, mä mir hunn zum Beispill och, wat d'Resultater vum Vote betrëfft, net méi déi Situatioun, datt all Mënsch an de Cercle oder an d'Terres-Rouges-Gebai leeft, fir d'Resultater ze kucken, mä dass de Ministère de l'Intérieur, mengen ech, d'Resultater iwwer Internet och de Leit zur Verfügung stellt. Och do fält am Fong schonn en Deel ewech, an eng ganz Rei vun Informatiounen kritt een och iwwert d'Televisioun, sou datt een sech vläicht och e bësschen awer muss domat offannen, dass d'Zäiten änneren an dass do vläicht och flott Saachen dann heiansdo e bësse méi kuerz kommen.

Ee weidere Punkt ass dee vun der Banaliséierung, an do kommen ech dann op d'Prise de position vun der Regierung, déi eben drop hiweist, dass dat do dann d'Saach géif dégradéieren zu engem alldeegelechen Akt. Ech denken awer och, datt ee muss realistesch sinn, wann ee kuckt wéi vill Absenteismus, datt mer mëttlerweil schonn zu Lëtzebuerg hu bei de Wahlen, respektiv wéi vill Leit, déi wäiss Ziedelen ofginn, da muss een awer esou éierlech sinn a soen, dass et fir ganz vill Leit einfach och eng lästeg Pflicht ass, vläicht och well mer eng Wahlpflicht hunn zu Lëtzebuerg.

Wa mer ee Wahlrecht hätten, wär dat eventuell jo och nach anescht fir déi Leit, déi sech dem Akt, fir wielen ze goen, da wierklech bewusst sinn an dat maache wëllen, an dat dann och fräiwëlleg maachen.

Da stellt sech d'Fro vun eisem Wahlsystem, dee jo relativ komplex ass. Kann een dat iwwerhaupt an engem elektronesche System maachen? Do stellen ech just fest,

dass an der Belsch ee Wahlsystem existéiert, deen net manner komplex ass; ech mengen, si hunn net manner wéi fënnef Wahlebenen. Oft gëtt op deene Wahlebenen deeselwechten Dag gewielt, a si hunn och verschidde Panaché-Systemer, wann och e bësse méi restriktiv wéi bei eis, mä sou datt ech awer mengen, dass do am Fong net de Problem sech stellen dierft.

Ee Punkt, deen och kuerz évoquéiert ginn ass, dat ass dee vun de wäissen Ziedelen a vum Absenteismus. Dat ass allerdéngs een, wou ee reellen, bal ee prinzipielle Problem besteet, well wann ee sech d'Wahlziedelen haut zum Beispill ukuckt, dann huet ee jo net nëmmen einfach wäiss Ziedelen, et huet een zum Beispill och Ziedelen, wou Leit eppes drop schreiwen oder een décke Stréch doduerch maachen. Sou Saache sinn natierlech beim Computersystem net méi méiglech, entweder et wielt een oder et wielt een net, mä dotëscht gëtt et näischt méi, an et kéint een am Fong argumentéieren, dass deen Ausdrock vun enger politescher Meenung, och wann e vläicht net immens élaboréiert ass – loosse mer emol esou soen –, dass deen dann domat och verluer geet. Dat schéngt mer effektiv zwar um reng legalen Niveau vläicht kee Problem ze sinn, mä trotzdem kann een do bemängelen, datt eng Form vu politeschem Meenungsausdrock do ze kuerz kënnt.

Dat verhënnert awer net Här President, dass mir mengen, dass grad Lëtzebuerg sech dozu eegne géif – an domat sti mer da wierklech contraire zu där Prise de position vun der Regierung – ee Pilotprojet an deem dote Beräich ze maachen. Mir sinn ee klengt Land, wou dat relativ einfach och duerchezéie wär, a wann een an der Regierung hirer Positioun liest et wär ze fréi, et misst een nach waarden, et wär prématuréiert, da stellt een sech dach awer e bëssen d'Fro, ob déi dote Regierung sech iwwerhaupt kundeg gemaach huet iwwert dat, wat an eisen Nopeschlänner schonn alles geschitt ass, den Här Zanussi huet jo virdru schonn eng ganz Rei vu Länner opgezielt. Et stellt een sech d'Fro, ob déi Leit, déi déi Prise de position geschriwwen hunn, ee Computer an een Internetuschloss doheem hunn, well dat kléngt alles e bëssen esou wéi, wa se eng Rei vun Entwécklungen nach net matkritt hätten.

**Une voix.-** Très bien.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - A wann dann an där Prise de position gesot gëtt, et wäeren nach keng Règlement-grand-ducalen do vum Gesetz vum Commerce électronique...

**(Interruptions)**

Ech si bal fäerdeg, ech wollt just nach eng Kritik un der Regierung üben, an dann halen ech op.

**(Interruptions)**

Wann da gesot gëtt, déi Règlement...

**M. le Président.-** Mir stinn de Mëtteg net ënner Zäitdruck.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Wann da gesot gëtt, déi Règlement-grand-ducalë vum Gesetz iwwert de Commerce électronique wäeren nach net do, dann dierf een éischters froen: "Wou si se dann?"; et ass jo am Fong och net sënnvoll, datt mer ee Gesetz hunn ouni Reglementer, an zweetens dierf een sech awer doriwwer wonneren, datt dat sollt een Argument sinn, fir ze soen: Mir kënnen dat elo net maachen. Ech fannen, dat ass grad een Argument, fir ze soen: Ma se sinn nach net ofgeseent, da kéinte mer jo am Fong déi heiten Dispositioun nach mat abauen. Dofir schéngt eis dat wierklech keen iwwerzeegend Argument ze sinn.

**Une voix.-** Très bien.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Nach eng Kéier zum Schluss, déi heite Propose schéngt eis ganz sënnvoll ze sinn a si bedeit jo och net, datt d'Leit ausgeschloss ginn; deen ale System soll jo net ofgeschaf ginn, andeems datt een neien agefouert gëtt. Dat belscht Beispill weist, datt et eng ganz Rei vu Virdeeler huet, dass Leit sech schnell un déi nei Medie gewinne kënnen, wa se gutt préparéiert ginn. An dofir kënnen mer och net déi Positiounen, déi hei bezu gi sinn, novollzéien. Ech mengen domadder d'Positiounen vu mengem Virriedner, dee mech e bëssen un d'Maschinnestiermer aus dem 19. Jorhonnert erënnert. Ech soen lech merci.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déli Lénk).** - Här President, ech wëll fir d'éischt hei ënnersträichen, dass ech net fir d'Regierung schwätzen ewell. An der Dokumentatioun, déi mer iwwert dës Sëtzung ënnerbreet kritt hunn, do stung, dass fir déi Gesetzpropositioun vum Här Zanussi, deen, dee se proposéiert, zéng Minutte géing schwätzen, de Gouvernement zéng Minutten an all politesche Grupp och zéng Minutten Zäit hätt a meng Weinegkeet fënnef Minutten. Ech muss feststellen, dass d'Regierung direkt heizou also näischt ze soen huet.

Déi Ausféierungen, déi ech elo hei wëll maachen, déi sinn e bëssen ënnerschiddlech an de Gesichtspunkten, ech si prinzipiell net géint esou eng Aféierung vum elektronische Vote oder vum Vote iwwert den Internet, mä et muss een awer bedenken, dass net alles, wat nei oder modern ass oder schéngt ze sinn an och materiell méiglech ass, gesellschaftlech akzeptabel oder och nëmmen nützlich ass. Dat gëllt esouwuel am Beräich vun der Genetik wéi och an anere Beräicher. Ee wesentleche Problem, dee sech an esou enger Situatioun stellt ass net nëmmen dee vun der absoluter Sécherheet vun der Geheimhaltung, mä dee vun, wéi d'Leit dat aschätzen, dass hir Geheimhaltung garantéiert ass, an do ginn et der vill, déi soen, dass et kee Code gëtt, deen net ze knacken an dass et kee Cryptage gëtt, deen net opzeklären ass. An



et gëtt och ze bedenken, wann ee gesäit wéi d'Wahl vun deem leschten amerikanesche President vonstatte gaangen ass a wou elo grad déi elektronesch Medien...

**Une voix.-** Hei si mer an enger Demokratie.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - ...manipuléiert gi sinn, fir d'Resultat vun deene Wahlen do an iergendenger Form ze beaflossen. D'Modernitéit, déi besteet net nëmmen an der Uwendung vun elektronesch Medien – léisst sech och net nëmmen doranner moossen, well wann d'PISA-Studie gemooss gi war an der Zuel vun den Handyen, déi bei eise Fofzënjähregen zirkuléieren an an der Fäegkeet, fir domat ëmzegoen, da wäre mer wuel vläicht op der éischter Plaz gewiescht. Ech wollt och drop hiweisen, dass aner Aktivitéiten, déi elo ugekënnegt sinn als grouss Fortschritt an als modern an zukunftsweisend, zum Beispill den E-Banking, dass elo ëmmer méi Banken hir Servicer, déi an där Richtung sech spezialiséiert haten, ophalen, anerer, déi sech nëmmen dorobber spezialiséiert haten, si Faillite gaangen, anerer vun deenen Aktivitéite gi verkaaft, well d'Mënsche wëllen d'Kommunikatioun, de Mënsch ass ee gesellschaftlecht Wiesen, an et kann net sinn, dass seng Kommunikatioun mat aneren doranner besteet, dass e virun engem Schierm mat deem anere sech ënnerhält.

Ech kënnt mer zum Beispill net gutt virstellen, wann eise Premier Minister géing wéi goen iwwer säi Computer doheim, wat géing d'Televisioun da maachen, déi bei der Urn e wëll oflichten – da muss se bei en heemgoen, wann en op ee Knäppchen dréckt op sengem Computer. Bon, ech mengen, dat huet net deen nämlechten Effekt. Et kënnt een déi Saach och nach weiderféieren, mir kënnte se hei an der Chamber uwenden, firwat net vum Büro aus iwwert de Computer hei ofstëmmen, jo, nee oder Enthalung, et kënnt ee souguer souwäit goen, dass kee Mënsch méi hei ze si bräicht, mä dass e seng Interventioun vum Büro aus hei géing maachen, da géing den Här President eleng hei uewe sëtzen, e bräicht och keng Schell méi, well keng Ambiance hei an dem Sall méi war...

**(Interruption)**

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Jo, mä hee géing einfach ofschalten. Nëmme wéi gesot also, ech wëll dorobber hiweisen, et kann een d'Kommunikatioun ënnerhalb...

**(Interruption)**

Et kann een d'Kommunikatioun vun de Mënschen ënnereneen net résuméieren op Maschinnen, déi matenee kommunizéieren. Ech gesinn ee bestëmmte Virdeel bei dëser Méiglechkeet, fir dat och ze maachen, besonnesch fir Leit, déi sech schlecht beweegen kënnen, déi eventuell och méi wäit vun engem Büro ewech sinn an déi och keng Waardezäiten a Kaf wëllen huele virun engem Büro, fir däre wéielen ze goen, do ass dat menger Meenung no hei ubruecht, mä ech wëll awer dorobber hiweisen, dass Mënsche gesellschaftlecht Wiese sinn an

dass d'mënschlech Kommunikatioun ganz wesentlech ass ënnerhalb vun deene Wiesen do.

**M. le Président.-** Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, ech wëll just soen, dass den Här Bisdorff hei d'Meenung opkomme gelooss huet, datt well d'Regierung hei net vertrueden ass...

**(Interruption et hilarité)**

...se keng Positioun zu dëser Proposition ergraff hätt. Et war schwierig gewiescht, well kee vun der Regierung haut de Mëtteg hei ass oder elo méi hei ass – den Här Bettel ass jo nach net an der Regierung –, mä ëmmerhin wëll ech awer den Här Bisdorff drop hiweisen, datt d'Regierung...

**(Interruption)**

...schréfflech Positioun zu dëser Proposition de loi geholl huet, sou datt een net kann d'Impressioun opkomme loossen, si hätt näischt heizou ze soen. Si huet dat gemaach, si huet hir Meenung ausgedréckt, an et ass un eis, als Parlament, fir ze kucken, wat mer mat der Proposition vum Här Zanussi maachen.

**M. le Président.-** Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Ech kann dat nëmmen approvieren, Här President, wat den Här Weiler hei gesot huet.

**(Hilarité)**

An dat désapprovieren, wat den Här Bisdorff vun der Regierung gesot huet.

**Une voix.-** Ganz richtig.

**M. le Président.-** Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdhuung hu mer eng Resolutioun vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire iwwert d'Konten vun der Cour des Comptes vum Joer 2000. D'Wuert huet dozu den Här Jeannot Krecké.

## 6. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative aux comptes de l'exercice 2000 de la Cour des Comptes

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Gesetz, wat de Fonctionnement an d'Attributiounen vun der Cour des Comptes regléiert, steet am Artikel 11: "Les comptes de la Cour sont contrôlés annuellement selon les modalités à fixer par la Chambre des Députés". Iwwer hir Kommissioun vum Budgetscontrôle hu mir d'Modalitéite fixéiert. Ee Sous-Grupp vun eis, ënnert der Leedung vum Alexandre Krieps, huet Réviseurs erausgesicht, an 't ass ee Réviseur beoptraagt ginn, fir d'Konten vun der Cour des Comptes